LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYSENBURG
☎ 247 - 86710

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 MARS 2019

Luxembourg, le 25 MARS 2019

Objet : **Réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, et de Monsieur Marc HANSEN, Ministre délégué à la Digitalisation, à la question parlementaire n°334 du 06 février 2019 de Monsieur le Député Sven CLEMENT au sujet « Utilisation du fax par les Administrations ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, et de Monsieur Marc HANSEN, Ministre délégué à la Digitalisation, à la question parlementaire n° 334 du 06 février 2019 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

Bureaux
Maison de Cassal

5, rue Large
L-1917 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82167/63
Fax (+352) 47 56 62

info@mediacom.public.lu
www.gouvernement.lu

177-00007; 20040525-FR

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister, a vum Här Marc Hansen, Delegéierte Minister fir Digitaliséierung, op d'parlamentaresch Fro No 334 vum 6. Februar 2019 vum Här Deputéierten Sven Clement**

---

Dat europäescht eIDAS Reglement gesäit keng juristesch Equivalenze vir tëscht engem elektronesche Recommandésservice (qualifizéiert oder onqualifizéiert) an engem Pabeiersrecommandé. D'eIDAS Reglement offréiert de Memberstaate d 'Méiglechkeet dës Equivalenz an hiren nationalen Gesetzer ze integréieren. All Memberstaat kann eenzel decidéieren, op en d'Notzung vum elektronesche Recommandésservice am Sënn vum eIDAS Reglement wëll virgesinn oder net. Déi lëtzebuergesch Regierung huet dëst via den Gesetzesprojet *"portant modification de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique"* proposéiert.

Zu där éischter Fro:

D'eIDAS Reglement leet e grousse Wäert op d'Ënnerscheedung vu qualifizéierten an onqualifizéierten Vertrauensservicer.

Engersäits, mussen Ubidder vun qualifizéierten Vertrauensservicer zwangsleefeg vun enger nationaler Autoritéit iwwerwaacht ginn, an d'Konformitéit vun hire Vertrauensservicer mat den Ufuerderunge vun dem eIDAS Reglement gëtt och vun onofhängegen Auditen gepréift. Zousätzlech dozou gëtt de Status vun dëse Vertrauensservicer an den nationale Vertrauenslëschte vun all Memberstaat ëffentlech dokumentéiert. D'Consultatioun vun dësen europäesche Vertrauenslëschten weist datt um 25. Februar 2019 aacht Ubidder e qualifizéiert elektronesche Recommandésservice am Sënn vum eIDAS Reglement ugebueden hunn. Dës aacht Provider sinn a fënnef Memberstaten etabléiert (Frankräich, Belsch, Däitschland, Spuenien, Slowenien). Am Moment gëtt et keen Ubidder zu Lëtzebuerg.

Anerersäits, verlaangt d'eIDAS Reglement keng obligatoresch an onofhängeg Bewäertung, wat d'Konformitéit vun engem net qualifizéierten elektronesche Recommandésservice ubelaangt. Am Allgemengen ginn d'Deklaratioune vun der Konformitéit zu eIDAS fir onqualifizéiert Servicer op enger fräiwëlleger Basis gemaach.

Zu de Froen 2, 3 a 4:

Zënter datt den CTIE 2008 ugefaangen huet Demarchen ze dematerialiséieren, gouf vu kenger Administratioun d'Ufro gemaach, fir en Online-Service unzebidden, deen de Fax am Beräich vun der Kommunikatioun tëscht Staat a Bierger ersetzt.

Wann e Bierger oder eng Firma eng online Prozedur iwwer MyGuichet.lu mécht, kritt hien zënter dem Ufank vun MyGuichet.lu eng E-Mail, déi him confirméiert datt seng Ufro un di betreffend Verwaltung iwwerdroe ginn ass. De CTIE schafft och grad un der Verbesserung vun dëser Funktionalitéit, fir datt den Demandeur automatesch en „bordereau de transmission" zeréckkritt, déi d'Referenz an den Typ vun der Démarche, den Datum an d'Zäit vun der Iwwerdroung, den Organisme deen d'Demarche kritt huet, de Numm vum Demandeur an d'Detailer vun den iwwerdroenen Dokumenter, enthält.

Den Demandeur wäert dann e signéiert PDF-Dokument hunn, dat d'Transmissioun vun der Démarche beweist an dat den Demandeur engem Drëtten ka virleeën. Zum Beispill, am Fall vun engem net gerechtfäerdegte Rappel vun enger Administratioun, kann den Demandeur dann eendeiteg beweisen datt seng Démarche zu Zäit geschéckt ginn ass.

Zu där fënnefter Fro:

D'eIDAS Reglement definéiert net d'Notioun "elektronesche Recommandé", mee déi vum "service d'envoi recommandé électronique". Heibäi handelt et sech net ëm e besonneschen Typ vun elektronesche Dokumenter, déi een enger Administratiounen zum Beispill per E-Mail ka schécken, mee et handelt sech éischter ëm eng Softwareplattform, wou d'Acteuren sech umelle musse fir Informatiounen austauschen ze kënnen.

Dovun ofgesinn datt d'eIDAS-Reglement keen technesche Standard verlaangt, sinn déi verschidde Léisungen fir qualifizéiert elektronesch Recommandésservicer am Moment individuell Offeren a net interoperabel, a keen esou e Service ass zu Lëtzebuerg verfügbar.